**N° 4245**
Reçue le 11.05.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 11.05.2021

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister an un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Am Wanter ze hëtzen a Raimlechkeeten am Summer ze killen, gehéiert zu deene wichtegste Grondbedierfnesser vun de Leit. Mat der Zounam vum Télétravail wäert de konkrete Besoin staark klammen, vu, datt d'Leit sech nu eebe mol méi doheem ophalen. Déi meescht Stéit zu Lëtzebuerg hëtzen aktuell mat Mazout, deen opgrond vun der politescher Fixéierung op d' Theese vum Mënsche gemaachte Klimawandel, allerdéngs och ënnert der Regierung hir Politik géint den Asaz vu fossile Brennstoffer an deementspriechend ënnert de Regime vun der Zäregassteier fält. Wéi den Här Energieminister dozou am Artikel "Tout, tout, tout sur la taxe CO2", deen den 1. Dezember 2020 am Lëtzebuerger Wort publizéiert gouf, zitéiert gëtt: "Maintenir les énergies fossiles à bas prix n'encouragerait pas à changer nos - mauvaises- habitudes". D'Heizung vun engem Haus an nach méi vun Apparementsgebaier mat Zentralheizung loossen sech awer net sou einfach austauschen. Et kascht deier, et muss eng qualifizéiert Firma disponibel sinn, et musse méiglecherweis vill Partien domat averstane sinn a vill Leit wëllen sech d'Maintenance vun hiren eegene véier Maueren och net bis an de leschten Detail vum Staat diktéiere loossen. Wien op den Datum vum 07.05.2021 zu Lëtzebuerg géif Mazout bestellen, misst duerfir TTC e Literpräis vu ronn 0,63 Euro bezuelen. Falls de Klimawandel géif sou antrieden, wéi vun der Regierung virausgesot, da wäert de Bedarf u Mazout fir ze hëtzen an deene nächste Joeren zousätzlech staark an d'Luucht goen, well d'Leit opgrond vu Wiederextremer jee no Saison entweder nach vill méi killen oder nach vill méi hëtze mussen. Bei de Betriber stellt sech de nämmlechte Probleem an et ass dovun auszegoen, datt déi entspriechend héich Onkäschten sech negativ op hir Kompetitivitéit géifen auswierken.

Duerfir géif ech der Regierung gär des Froe stellen:

1) Kann d'Regierung op Basis vun engem hypotheetesche Maartpräis, deen un der aktueller Situatioun orientéiert ass eng Modellrechnung presentéieren, wéi den Steierundeel um Mazout fir ze hëtzen sech déi nächst Joere soll entwéckelen? Kéint d'Regierung dobäi w.e.g. separat op d'Entwécklung vum spezifeschen Zäregassteierundeel agoen?
2) Wéivill Zäregase sollen nom Kenntnisstand vun der Regierung duerch déi national Zäregassteier op Mazout fir ze hëtzen, fir d'Joren 2021, 2022, 2023, 2024 an 2025 agespuert ginn? Wéi héich ass dësen Undeel un de Mënsche gemaachten Zäregaser, déi an deene genannte Referenzperioden zu

Lëtzebuerg sollen ausgestouss ginn? Kéint d'Regierung den nämmlechte Chiffer w.e.g. och fir Europa a fir de globalen Undeel presentéieren, fir eng méiglechst objektiv Käschten-Notze Rechnung ze erméiglechen?

3) Kéint d'Regierung sech virstellen, bis op eng super reduzéiert TVA vun dräi Prozent sämtlech Steieren an Accise vum Mazout fir ze hëtze erofzehuelen, fir d'Follge vun deem vun hir selwer prognostizéierte Klimawandel sozial ofzefiedderen?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

N° 4245
Reçue le 11.06.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de
l'Aménagement du territoire

Luxembourg, le 11 juin 2021

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°4245

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°4245 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Le Ministre de l'Energie,

Claude Turmes

**Gemeinsam Äntwert vum Här Energieminister, vum Här Finanzminister an vun der Ëmweltministesch op d'parlamentaresch Fro n°4245 vum 10 Mee 2021 vum éierbaren Deputéierte Roy Reding iwwer d'Besteierung vum Mazout**

1. *Kann d'Regierung op Basis vun engem hypothetesche Maartpräis, deen un der aktueller Situation orientéiert ass eng Modellrechnung presentéieren, wéi den Steierundeel um Mazout fir ze hëtzen sech déi nächst Joere soll entwéckelen ? Kéint d'Regierung dobäi w.e.g. separat op d'Entwécklung vum spezifeschen Zäregassteierundeel agoen ?*

Laangfristeg ass nach net definéiert wéi sech d'Steieren um Mazout entwéckelen sollen. D'Regierung huet awer festgehalen, datt $CO_2$Emissiounen vun 2022 un mat 25 Euro pro Tonne $CO_2$ an vun 2023 un mat 30 Euro pro Tonne $CO_2$, besteiert wäerte ginn. Aktuell ass deen Taux bei 20 Euro pro Tonne $CO_2$. Dat bedeit konkret dat den Mazoutspräis dowëngst 2022 an 2023 all Joer em +/- 1,5 cts/l an d'Luucht goen géif. Deementspriechend géif sech den Steierundeel beim Mazout an den nächsten Joren wéi follegt entwéckelen.

| €/L | 01.06.2021 | 01.01.2022 | 01.01.2023 |
|---|---|---|---|
| Produktkäschten* | 0,492 | 0,492 | 0,492 |
| Accisen an assimilieiert Taxen | 0,010 | 0,010 | 0,010 |
| $CO^2$ Steier* | 0,054 | 0,067 | 0,080 |
| TVA* | 0,078 | 0,080 | 0,082 |
| maximal Präis | 0,634 | 0,649 | 0,664 |

* opgeronnte Wäerter

D'Valeuren vum $CO_2$Präis an dësem Tableau sinn nëmmen indikativ an mussen, virun hirer Applikatioun, mat den jeeweileg aktuellsten Wäerter vun den Emmissionsfacteuren adaptéiert ginn.

2. *Wéivill Zäregase sollen nom Kenntnisstand vun der Regierung duerch déi national Zäregassteier op de Mazout fir ze hëtzen, fir d'Joren 2021, 2022, 2023, 2024 an 2025 agespuert ginn ? Wéi héich ass dësen Undeel un de Mënsche gemaachten Zäregaser, déi an deene genannte Referenzperioden zu Lëtzebuerg sollen ausgestouss ginn? Kéint d'Regierung den nämmlechte Chiffer w.e.g. och fir Europa a fir de globalen Undeel presentéieren, fir eng méiglechst objektiv Käschten-Notze Rechnung ze erméiglechen ?*

Laut Informatiounen vum Statec (Source: Analyses 8-2020 : Évaluation de l'impact de la taxe $CO_2$ ) ginn duerch den Zäregaspräis op de Mazout tëscht 2021 an 2023 ronn 3 Prozent Zäregasen an 90 000 Tonnen Equivalent $CO_2$Präis agespuert.

De Mazout mecht 9 Prozent vun de nationalen Zäregasen (hors-ETS) aus (Stand 2019).

E Verglach op Welt- an EU-Niveau ass net méiglech, well et europa- a weltwait keng kloer Kategoriséierung vum Mazout fir den Haushaltsberaich gëtt.

3. *Kéint d'Regierung sech virstellen, bis op eng super reduzéiert TVA vun dräi Prozent sämtlech Steieren an Accisen vum Mazout fir ze hëtze erofzehuelen, fir d'Follge vun deem vun hir selwer prognostizéierte Klimawandel sozial oofzefiedderen ?*

Fir d'Objektiver vum Klima-Accord vun Paräis erfëllen ze kennen, an déi global Temperaturhausse op 1.5°C ze begrenzen, besteet een allgemengen Konsens driwwer dat d'Consommatioun vun fossillen Energien erofgoen muss.

D'Gesetz vum 15. Dezember 2020 hält d'laangfristegt Zil vun der Klimaneutralitéit bis allerspéitstens 2050 fest. Mëttelfristeg, dat heescht bis 2030, mussen d'Zäregasemissiounen em 55% par Rapport zum Niveau vun 2005 reduzéiert ginn. An deem Kontext ass et net zilféierend fir d'Besteierung vun fossillen Energien erofzesetzen.

Béi der Aféierung vum $CO_2$Präis ass awer ee besonnesche Wäert drop geluecht ginn dat den Impakt vum $CO_2$Präis sozial ofgefiedert gëtt an ee groussen Deel vun de Recetten, déi duerch den $CO_2$Präis generéiert ginn, gëtt duerfir gebraucht fir den Impakt vum $CO_2$Präis op d'Menagë mat engem méi klenge Revenu ze kompenséieren.

De Statec huet a senger Publicatioun "Evaluation de l'impact de la taxe $CO_2$" vum November 2020 opgewisen dat die sozial benodeelegt Haushalter hire Surcoût, deen duerch d' $CO_2$Steier entsteet, duerch de Steierkredit, dee matt der Steier agefouert gouf, voll kompenséiert kréien:
"Les ménages des deux quintiles inférieurs bénéficieraient ainsi d'un crédit d'impôt de près de 140 EUR/an ce qui engendrerait une compensation quasi intégrale du surcoût pour les ménages moyens de ces deux quintiles." Den Impakt vum $CO_2$Präis ass also laut Statec duerch den Steierkredit fir déi kleng Revenuen ofgefierdert. Dësen Steierkredit ass degressiv wat d'Revenuen vun den Léit méi héich ginn.